adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
17 NOV. 2014

Lëtzebuerg, den 11. November 2014

Här President,

A menger parlamentarescher Fro Nummer 551 vum 29. September 2014 un den Här Justizminister, hat ech eng Rei vu präzise Froe gestallt. D'Äntwert vum Här Minister Braz an der Regierung ass awer net vollstänneg. Ech vermëssen besonnesch eng Stellungnahm vum Minister zu der Quantitéit an dem Wuesstem vun den Abréch, wat den 1. Punkt vu menger Fro war. Och sinn an der Äntwert keng Donnéeën iwwer d'Strofen, déi gesprach goufen, ze fannen, wat den zweeten Deel vu mengem 5. Punkt war.

Sou eng Äntwert vun der Säit vun der Regierung entsprécht a mengen Aen net dem Respekt, den d'Regierung der Chamber, als Vertriederin vum Vollek, schëlleg ass. Dowéinst stellen ech meng Fro nach eemol a bieden Iech, géintiwwer der Regierung ze insistéieren, datt meng parlamentaresch Froen präzis a komplett Äntwerte kréien.

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

Roy REDING

Député adr

roy.reding@reding.lu

fax 269 272 72

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
29 SEP. 2014
551

Un den Haer Mars di Bartolomeo

Président vun der Chamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

+352 ~~[illegible]~~ 466 866-210

Lëtzebuerg, de ~~16~~ 29 September 2014

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës Fro un den Här Justizminister weiderzeleeden.
Wei an der Press ze liesen war, ass laut STATEC an de leschten 5 Joer an all 10ten Haus hei am Land agebrach ginn

Doweinst wéilt ech der Regierung dës Froen stellen:

1. Foent de Minister noett och datt daat erschreckend Zuelen sinn ?

2. Wéivill Abréch goufen an deem selwechten Zäitraum (lescht 5 Joer) opgekläert ?
3. Wéivill Täter konnten ermëttelt ginn ?
4. Wéivill vun deenen Täter koumen an Untersuchungshaft ?
5. Wéivill vun den Täter goufen virun Geriicht gestallt an watt fir eng Strofen goufen géint se verhaangen ?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding